PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 22/02/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

All Bierger·in hei am Land huet d'Recht, d'Justiz anzeschalten, wann e sech enger Ongerechtegkeet ausgesat gesäit. Dëst Recht ass am Artikel 47 vun der europäescher Charta vun de Grond- a Mënscherechter festgehalen an och hei zu Lëtzebuerg an der Gesetzgebung verankert.

Am Artikel 47 vun der Charta ass iwwerdeems festgehalen, dass de Staat finanziell hëllefe muss, wa Leit net genuch Suen hunn, fir hiert Recht op een Zougang zur Justiz kënne wouer ze huelen. Déi lëtzebuergesch Gesetzgebung gesäit heifir d'Assitance judiciaire vir, déi deene Leit zegutt kënnt, déi wéineg Akommes hunn (Artikel 37-1 vun der loi du 10 août 1991 sur la profession d'avocat).

An der Realitéit ass et awer oft esou, dass Bierger·innen trotz der Assistance judiciaire keen Zougang zur Justiz hunn, well se de Krittäre vum Gesetz no ze vill Suen hätten, a Wierklechkeet awer näischt op der Säit hunn, fir en Affekot bezuelen ze kënnen. De Gesetzesprojet 7959 soll hei fir Verbesserunge suergen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Fir wéi vill Affäre goufen, opgelëscht no Beräich (Top 10), an de vergaangenen 3 Joer (opgelëscht no Joer) eng Assistance judiciare ugefrot? Wéi vill Assistancë goufen accordéiert/refuséiert?
2. Wéi vill Suen huet de Staat déi vergaangen 3 Joer fir d'Assistance judiciaire ausginn (opgelëscht no Joer)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten